

# OP DE PUNKT.

September 2026

CSV NIDDERAANWEN

### LÉIF MATBIERGERINNEN, LÉIF MATBIERGER,

Mir sinn an der Mëtt vun der Legislaturperiod ukomm.

Baséierend op eisem Walprogramm an der uschléissender Schäfferotserklärung, si vill vun de festgeluechte Projeten ënnert eiser Féierung schonns ëmgesat oder op de Wee bruecht ginn.

Wichteg war, ass a bleift eis virun allem den Ausbau vun de Servicer fir eis Bierger, d'Fërderung vum harmoneschen Zesummeliewen an d'Klimaneutralitéit.

Op de folgende Säite presentéiere mir Iech de Bilan vun eiser Aarbecht.

Ech wënschen Iech eng interessant Lektür.

***ALEX KOOB***
Sektiounspresident

VERSION FRANÇAISE
DEUTSCHE FASSUNG
niederanven.csv.lu



### DEAR FELLOW CITIZENS,

We have reached the midpoint of the legislative period.

Based on our election program and the subsequent council declaration, many of the defined projects have already been implemented or set in motion under our leadership.

What was, is, and remains particularly important to us is the expansion of services for our citizens, the promotion of harmonious coexistence, and climate neutrality.

On the following pages, we present the results of our work.

I wish you an interesting read.

***ALEX KOOB***
President of the Section

## HALBZEIT BILAN CSV - DÉI GRÉNG
## KOALITIOUN 2023-2029

### NIDDERAANWEN ZESUMME VIRUBRÉNGEN

**Biergerno - solidaresch - zukunftsorientéiert**

Mat dësem Slogan si mir virun dräi Joer mam #Team2023 an d'Wale gaangen. Et ass a bleift en ambitiéise Walprogramm deen d'Entwécklung vun eiser Gemeng fir d'Zukunft skizzéiert an d'Weiche bis 2050 stellt.

E kuerze Resumé wat schonn alles an der Ëmsetzung ass:

#### 1. BIERGERORIENTÉIERT OFFER AUSBAUEN

- Centre médical - Ouverture Enn 2027
- Fitness Syrdall Schwemm - 7€ pro Visitt / 5€ (Studenten)
- Vintage Mo(o)d - Eise Secondhand-Buttek mat der Croix-Rouge
- 12 Biergerinformatiounsowender oder Workshopserien - Maacht mat bei eise Biergerteams
- Neit Policegebai - Méi Sécherheet virun der Hausdier
- Service de proximité (agents municipaux) - Méi no bei de Bierger

## MID-TERM REVIEW CSV - DÉI GRÉNG
## COALITION 2023-2029

### MOVING NIEDERANVEN FORWARD TOGETHER

**Close to the people - solidarity - future-oriented**

It was under this slogan that we stood for election three years ago as #Team2023. It was and remains an ambitious electoral program that outlines the development of our commune for the future and sets the course through to 2050.

A brief summary of what has already been implemented:

#### 1. STRENGTHENING CITIZEN-CENTRED SERVICES

- Medical center - Opening end of 2027
- Syrdall swimming pool fitness - 7€ per visit / 5€ (students)
- Vintage Mo(o)d - Our second-hand shop in partnership with the Red Cross
- 12 citizen information evenings or workshop series - Join our citizen teams
- New police station - More security at your doorstep
- Local proximity service (commune officers) - Closer to the citizens




*Centre médical / Medical center*




*Vintage Mo(o)d*



*Biergerbedeelegung*
*Residents' participation*




*Neit Policegebai / New police station*



*Fitness Syrdall Schwemm*



*Hei wunne bleiwen / Stay living here*



*Tiny house*

DOUZELAGE
EUROPEAN TOWN TWINNING
Niederanven | Luxembourg



*Quartier rue Laach*
*Residential area on rue Laach*



*Summerfreed*



*Flüchtlingshaiser / Refugee houses*



*Place Grand-Duc Henri*

**2. SOLIDARESCHT ZESUMMELIEWE FËRDEREN**

- Wunnenge fir Jonker - Hei wunne bleiwen
- Quartier rue Laach - Hei entstinn 16 Seniorewunnengen, 22 abordabel Wunnengen, e Café littéraire a Plaz fir de Club Syrdall a Club 50 Plus
- We NIED you - Stäerkung vum Benevolat: Rentréesfest, Soirée du bénévolat
- Plange vun 2 ONA-Flüchtlingshaiser - Zu Senneng hannert der Kierch
- Grënnung vu Nieds4Seniors - Fir eng méi seniorefrëndlech Gemeng
- HOPLR - Iwwer 1200 Memberen
- Summerfreed - Organiséiert duerch eis Coordinatrice culturelle et du vivre-ensemble
- Mérite & Prix culturel
- Tour de Luxembourg - Eis Gemeng lieft Sport
- IVV Wanderungen, Nied2move Aktivitéite fir de Breedesport
- Duerfplaz Senneng - Place Grand-Duc Henri
- Douzelage Revival - Douzelage nei belieft an General Meeting 2027 zu Nidderaanwen

**2. PROMOTING LIVING TOGETHER IN SOLIDARITY**

- Housing for young people - Stay living here
- Residential area on rue Laach - 16 senior residences, 22 affordable housing units, a literary café, and space for the Club Syrdall and Club 50 Plus
- “We NIED you” - Strengthening volunteer work: „Rentréesfest“, „Soirée du bénévolat“
- Planning of 2 ONA refugee houses - Located in Senningen, behind the church
- Creation of Nieds4Seniors - For a more senior-friendly commune
- HOPLR - Over 1,200 members
- Summerfreed - Organized by our coordinator for culture and intercultural living together
- Merit and Cultural Prize
- Tour de Luxembourg - Our commune lives sport
- IVV walks, Nied2move activities for recreational sports
- Village square in Senningen - Place Grand-Duc Henri
- Douzelage Revival - Revitalization of Douzelage and General Meeting 2027 in Niederanven

*Fotoen: © Uli Fielitz*



v.l.n.r - from left to right: Metty Cungs, Jacques Bauer, Martine Kremer ép. Dupong, Fréd Ternes, Alex Koob

## CSV FRAKTIOUN 2023-2026
## CSV MEMBERS IN THE COMMUNE COUNCIL 2023-2026

Mat Bedauere musse mir de Récktrëtt vun eiser Gemengeréitin Martine Kremer ép. Dupong aus dem Gemengerot op den 30. September 2026 bekannt ginn. D'Martine huet dës Decisioun geholl, well sech eng nei beruflech Opportunitéit erginn huet.

Martine, mir wënschen dir alles Guddes a soen dir vu ganzem Häerz Merci fir däin Engagement wärend néng Joer am Gemengerot. Du hues dech ëmmer mat vill Kompetenz an am Déngscht vum Wuel vun alle Matbiergerinnen a Matbierger agesat.

Déi Nächstgewielt, Marthe Scharfe, kann dat politescht Mandat leider net unhuelen, well sech gläichzäiteg eng beruflech Verännerung erginn huet, déi säi vollt Engagement verlaangt.

D'Marthe bleift eiser Partei awer weiderhin aktiv verbonnen a wäert sech och an Zukunft am Wuel vun de Biergerinnen a Bierger an eiser Gemeng asetzen.

Dofir begréisse mir d'Véronique Kieffer ép. Peffer an eiser Fraktioun. D'Véro ass 56 Joer al a Mamm vun dräi Kanner. Nieft senge villen Engagementer am Déngscht vum kulturellen, sportlechen a Veräinsliewen ass d'Véro Member vum Conseil d'administration vum Kulturhaus Niederanven.

Mir wënschen dem Véro vill Erfolleg a vill Erfëllung bei der Ausübung vun sengem Mandat als Gemengeréitin an der Gemeng Nidderaanwen.

It is with regret that we have to announce the resignation of our commune councillor Martine Kremer ép. Dupong from the Commune Council, effective 30 September 2026. Martine has taken this decision as a new professional opportunity has arisen for her.

Martine, we wish you good luck and sincerely thank you for your dedication during your nine years of service on the Commune Council. You have always carried out your duties with great competence and in the best interests of all residents.

The next elected candidate, Marthe Scharfe, is unfortunately unable to take on this political mandate, as she is simultaneously undergoing a professional change that requires her full commitment.

Marthe will, however, remain actively involved with our party and will continue to contribute to the well-being of the citizens of our Commune.

We are therefore delighted to welcome Véronique Kieffer ép. Peffer. Véro is 56 years old and a mother of three children. In addition to her many commitments to cultural, sporting and community life, Véro is a member of the Board of Directors of the Kulturhaus Niederanven.

We wish Véro every success and fulfillment in carrying out her mandate as a commune councillor for the Commune of Niederanven.



**MARTINE KREMER ÉP. DUPONG**



**VÉRONIQUE KIEFFER ÉP. PEFFER**

**MAACH MAT!**
**JOIN US!**
csv.lu/member-ginn

## ENGAGÉIERT FIR EIS GEMENG - MAACH MAT!
## COMMITTED TO OUR COMMUNE - GET INVOLVED!

Mir gestalten aktiv d'Zukunft vun eiser Gemeng! Wëlls du dech mat abrengen an dech fir d'Entwécklung vun eiser Gemeng asetzen? Komm bei eis, bréng dech an an erschaf zesumme mat eis konkret Verännerungen, déi d'Zukunft vun eis all verbesseren!

We are actively shaping the future of our commune! Would you like to contribute your ideas and play an active role in the development of our commune? Join us, get involved, and work together with us to create meaningful changes that will improve the future for everyone.

nidderaanwen.csv.lu    niederanven@csv.lu    CSV Niederanven    691 14 45 14 ( )



Citybus



Loisi

**3. WEICHE FIR D'ZUKUNFT STELLEN**

- Citybus - Vum Heienhaff duerch d'Gemeng an duerch den Zentrum “Am Sand”
- **Modern Infrastrukturen:**
  - Zousätzlecht Schoul- a Maison-Relais-Gebai
  - Neie Loisi
  - Bëschcrèche
  - Tennis
  - Fussball
  - Gemengenatelier
  - Waassertuerm um Sennengerbierg als Logement insolite
  - Plange vun interkommunaler Pompjeeskasär a Ressourcencenter
  - Dialogue compétitif fir de Waldhaff
- Energiewend: PV Carports, Solarchallenge, Wandenergie
- Reduktioun vum Reschtoffall ëm 45 %
- Planzung vun 100 Beem pro Joer - Méi Beem fir méi Liewensqualitéit, Color up Niederanven

Dëst ass eise Bilan fir déi éischt dräi Joer. Mir schaffe weider zesumme mat enger motivéierter Ekipp vu Mataarbechterinnen a Mataarbechter op der Gemeng, fir eis Gemeng nach méi liewenswäert a méi agreabel ze maachen a mir freeën eis op de finale Bilan vun dësem Mandat.

**3. SETTING THE COURSE FOR THE FUTURE**

- Citybus – From Heienhaff to the commune and through the center “Am Sand”
- **Modern infrastructure:**
  - Additional school and Maison Relais building
  - New Loisi
  - Forest nursery
  - Tennis
  - Football
  - Municipal workshop
  - Water tower on Senningerberg as unique accommodation
  - Planning of inter-municipal fire station and resource center
  - Competitive dialogue for Waldhaff
- Energy transition: PV carports, solar challenge, wind turbine
- Residual waste reduction by 45%
- Planting 100 trees a year - More trees for better quality of life, Color up Niederanven

This is our review of the first three years. Together with a motivated team of communal staff, we continue working to make our commune an even better place to live and we look ahead to the final review of this legislative period.



Bëschcrèche / Forest nursery



Schoul/School & Maison Relais



Fussball / Football



Tennis



*Café Waldhaff*


*Bed&Bike*


*PV Carports*


*Gemengenatelier*
*Municipal workshop*



*Solarchallenge*



*Ressourcencenter*
*Resource center*



*Wandenergieanlag*
*Wind turbine*

## INVITATION

**DIR HUTT FROEN ODER REMARKEN?**

**KOMMT DEN 13. OKTOBER UM 19:00 AN DEN „A SCHOMMESCH“**

wou mir eise Bilan presentéieren a mat Iech diskutéieren!

**ANY QUESTIONS OR SUGGESTIONS?**

**JOIN US ON OCTOBER 13 AT 19:00 IN „A SCHOMMESCH“**

where we will present our review and discuss it with you!